



Beaufort, den 8. Mee 2020

Léif Awunner aus der Gemeng Beaufort,

Am Kader vun der zweeter Phase vun der Lockerung vun den Ausgangsbeschränkungen funktionéieren ab e Méindeg, den 11. Mee, nees sämtlech Gemengeservicer zu de bekannten Öffnungszäite mat der Nocturne mëttwochs bis 20 Auer. Jidderee mat engem Rendezvous huet Prioritéit an dowéinst gëtt geroden am Virfeld telefonesch ee Rendezvous ze huelen. Et gëtt drun erënnert, datt déi meescht Certificaten, Attestatiounen oder aner Dokumenter op telefonescher Nofro weiderhi mat der Post oder E-Mail kënnen verschéckt ginn an esou een net muss op d'Gemeng kommen. Des Weidere sinn all Cartes d'identité, déi nom 1. Mäerz oflafen oder ofgelaf sinn, während dem nationalen Noutstand hei am Land weiderhi gültig. Bei weidere Froen oder fir ee Rendezvous festzeleeë soll een d'Telefonsnummer 83 60 45 1 wielen. Op der Gemeng selwer gëllt **Maskenpflicht**, d'Hänn ginn direkt an der Entrée desinfizéiert an et gëtt nëmmen eng Persoun zerwéiert. De Sécherheetsofstand muss respektéiert ginn a genesou wéi déi op der Plaz getraffe Moosnamen.

Zanter dem 20. Mäerz lauden d'Klacke vun der Beeforter Kierch als Merci u jiddereen, deen an dëser Zäit am Asaz fir seng Matmënschen ass a sech der Gefor vun engem Ustiechen aussetzt. D'Klacke wäerte vun der nächster Woch nach nëmme sonndes lauden. E grouse Merci un all déi Leit, déi owes um 20 Auer geklappt hunn a besonnesch dem Monique a Jean Vossen, déi Owend fir Owend d'Klacken an der Kierch ugemeet hunn.

Des Weidere huet d'Regierung dës Woch ënner anerem beschloss, datt all Persoun iwwer 16 Joer gratis 50 Maske kritt. D'Verdeelung gëtt nom 25. Mee gemeet a weider Informatiounen an Detailer zur der Verdeelung ginn an engem nächsten Informationsblat matgedeelt.

BLEIFT GESOND

#NetOuniMengMask

De Schäfferot

Camille Hoffmann

Jean-Luc Nosbusch

Emile Wies

Chers habitants de la commune de Beaufort,

Dans le cadre de la deuxième phase du déconfinement tous les services communaux sont accessibles à partir du lundi 11 mai et ceci aux heures d'ouverture habituelles y compris la nocturne les mercredis jusqu'à 20 heures. Cependant il est fortement conseillé de prendre un rendez-vous qui seront traités en priorité. Il est rappelé que la plupart des certificats, attestations et autres documents peut être envoyée soit par courrier ou e-mail sur simple demande téléphonique. Un déplacement à la maison communale n'est pas forcément nécessaire. A noter que les cartes d'identités avec échéance après le 1^{er} mars restent valables au Luxembourg pendant la durée de l'état de crise. En cas de questions ou pour prendre un rendez-vous nous vous prions de nous contacter au 83 60 45 1 pendant les heures de bureaux. Lors de la visite à la maison communale **le port de masque est obligatoire** ainsi que la désinfection des mains à l'entrée du bâtiment. Seulement une personne sera accueillie et servi. Chacun est prié de respecter les distances et les mesures prises sur place.

Depuis le 20 mars les cloches de l'église Beaufort sonnent à 20 heures afin de remercier chacun qui s'engage pour leurs concitoyens et qui risque de se contaminer pendant son travail. A partir de la semaine prochaine les cloches vont sonner uniquement le dimanche soir. Un grand Merci à toutes et à tous qui ont soutenu cette action de solidarité et spécialement à Monique et Jean Vossen qui chaque soir ont déclenché manuellement la sonnerie des cloches.

Cette semaine le gouvernement a entre-autres décidé que chaque citoyen âgé de plus de 16 ans recevra gratuitement 50 masques. La distribution de ces masques se fera après le 25 mai et les détails de la distribution seront communiqués dans une prochaine feuille d'information.

RESTEZ DE BONNE SANTÉ

#PasSansMonMasque

Le collège échevinal

Camille Hoffmann

Jean-Luc Nosbusch

Emile Wies